PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , , den 05/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Finanzen weiderzeleeden.

Am Rapport 2020 vum Ombudsmann gëtt e Fall thematiséiert, an deem d'Steierverwaltung eng Saisie op d'Remboursementer vun Dokteschrechnunge gemaach huet, fir eng Steierschold bei enger Persoun anzedreiwen.

Och wann ee Remboursement vun der CNS ee Revenu duerstellt, esou ass dach ze bedenken, dass d'Remboursementer d'Zil hunn, dass keng Persoun zu Lëtzebuerg soll op medezinesch Versuergung verzichten opgrond vu Geldmangel. Saisien op de Remboursementer vun de Krankekees kéinten d'Bierger zwéngen, manner gesondheetlech Traitementer an Usproch ze huelen an hier Gesondheet vernoléissegen ze mussen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi oft goufen an de vergaangene Jore Saisien op Remboursementer bei der CNS gemaach? Wéi vill Sue goufen hei all Joer saiséiert?

2. Ass d'Regierung der Meenung, dass Saisien op Remboursemente vun der CNS mat hire gesondheetspoliteschen Ziler vereenbar a moralesch vertrietbar sinn?

3. Wäert d'Regierung dofir suergen, dass d'Saisien op Remboursementer vu Krankekeesen ofgeschaaft oder begrenzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député